



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 26. September 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Zënter der Rentrée 2018/2019 sinn déi obligatoresch Schoulbicher fir d'Schüler aus dem Enseignement Secondaire bekanntlech gratis. An déi Schüler, déi gebrauchte Bicher benotze wëllen, gi mat engem Akafsbong am Wäert vu 50 Prozent vum Neiwäert vum Buch belount, nozeliesen um Portal mybooks.lu : „Le ministère encourage l'utilisation durable et responsable des manuels scolaires. Si tu possèdes ou achètes des manuels scolaires d'occasion, au Bichermaart par exemple, tu recevras un bon d'achat pour d'autres livres équivalant à 50% du prix des manuels neufs. Le bon d'achat permet d'acheter exclusivement des livres (scolaires qui ne sont pas gratuits ou autres).“

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Wéi héich ass den Undeel u Schüler, déi fir d'Rentrée 2022/2023 op Occasionsbicher zrückgegraff a sech e Bong ausstelle gelooss hunn, amplaz d'Offer vun de gratis neie Schoulbicher ze notzen?
- Kann den Här Minister mir eng entspriechend Opstellung vun der Evolutioun pro Schouljoer zënter dem Aféiere vun de gratis Schoulbicher zoukomme loossen?
- Virum Hannergrond vun der Iddi fir sou mann wéi méiglech Ressourcen ze verbëtzen, wéi eng weider Measure plangt den Här Minister fir d'Schüler z'encouragéieren, verstärkt op gebrauchte Bicher zrückzegräifen an esou och d'Traditioun vum Bichermaart ze stäipen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6894 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen

Ad 1)

Bis zum 20.10.2022 goufen 5.117 Chèques-livres ausgestallt, dat bei 33.323 Akeef. D'Chèques-livres hu bis elo an der Moyenne e Wäert vun 37,35 €.

Ad 2)

Ech verweisen déi honorabeler Deputéiert op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 6886 mat der Opstellung vun der Evolutioun pro Schouljoer zënter dem Aféiere vun de gratis Schoulbicher.

Ad 3)

De System vun de Chèques-livres ass jo grad agefouert ginn, fir en Ureiz ze schafen, fir gebrauchte Bicher weider ze benotzen. Donieft ënnerstëtzt de Ministère d'CNEL bei der Organisatioun vum traditionelle Bichermaart, deen awer während der Covid-Kris net wéi gewinnt konnt organiséiert ginn.

Lëtzebuerg, den 8. November 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH